Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4818

Programme de fruits à l'école

Déposée par: *Delcourt Claire*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *28.09.2026*
Date limite de réponse: *28.10.2026*

Virun e puer Deeg war den Delai fir déi 18. ëffentlech Ausschreiwung fir de Schoulmëllech- a Schouluebstprogramm. 427 Schoule solle mat 472 Tonnen Uebst a Geméis beliwwert ginn. Dovunner wäerten 159,7 Tonne viraussiichtlech aus dem lokalem Ubau kommen, an e bësse méi wéi en Drëttel (36,04%) aus der biologescher Landwirtschaft.

Duerch méi Uebst a Geméis an de Schoulen, kritt d'Schülerschaft e besseren Zougang zu gesonde Liewensmëttel, an d'Kanner léieren och d'Hierkonft vu landwirtschaftleche Produite besser kennen. Zum Programm gehéieren nämlech och, ënner anerem, edukativ Visitten an Atelieren déi hinnen d'Liewen um Haff an d'Lëtzebuerger Landwirtschaft méi no brénge sollen. All EU-Memberstaat setzt d'Strategie fir dëse Programm fir sechs Joer fest. Déi aktuell Strategie leeft nach bis 2029.

Reegelméisseg ginn et Kriticken aus der Zivilgesellschaft un dësem Programm. D'Zil wier ënnerstëtzenswäert, mee d'Selektiouns-Krittäre fir d'Zoudeelung vun der Ausschreiwung wieren net ambitiéis genuch. Hirer Meenung no, kéinten d'Ausschreiwungen méi strategesch genotzt ginn, fir d'Ernärung an der Schoul nach méi nohalteg a gesond ze gestalten.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

Wéi vill Entitéiten hu bei der rezenter Ausschreiwung matgemaach?

Den Appel d'offres gesäit och vir datt en Zesummeschloss vu klénge Produzent·innen eng Offer maache kann. Wéi vill däer Offeren si bei de verschiddenen Ausschreiwungen, pro Joer opgedeelt, säit 2023 erakomm? Wat fir Mesüren hellt d'Regierung fir esou Zesummeschlëss aktiv ze promouvéieren an administrativ z'ënnerstëtzen?

Bei de Krittäre fir d'Attributioun vum Marché ass de Präis de wichtegste Krittär. Als Grond dofir ginn EU-Reegelen genannt déi verlaangen datt bei der Zoudeelung de Präis zu 50% muss relevant

sinn. Huet d'Regierung wëlles, bei deene Lousen, wou de Präis méi wéi d'Hallschent vun der Ponderatioun ausmécht z'iwwerschaffen, an d'Ponderatioun vum Undeel vu Bio-Produiten z'erhéijen?

Kéint d'Regierung sech virstellen nieft dem Krittär vun der Quantitéit vu Bio-Uebst a Geméis, e Krittär anzeféieren den och d'Varietéit vum Bio-Uebst a Geméis consideréiert?

Kéint d'Madame Ministesch d'Entwécklung vum Undeel vu Bioproduiten, ventiléiert pro Schouljoer an Zort vun Uebst oder Geméis, iwwert déi lescht 10 Joer am Schoulmëllech- a Schouluebstprogramm oplëschten?

Kéint d'Madame Ministesch eis eng Oplëschtung vun all den ëffentlechen Ausschreiwunge vun der Regierung ginn, duerch déi d'Ernärung- an Agrarpolitik zu Lëtzebuerg kéinte beaflosst ginn?

Mat déiwem Respekt

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4818 vum 28. September 2026 vun der honorabeler Madamm Deputéiert Claire Delcourt

1. **Wéi vill Entitéiten hu bei der rezenter Ausschreiwung matgemaach?**

Bei der Ausschreiwung fir de Schouluebstprogramm 2026/2027 hunn ee Liewensmëttelgrossist an zwee landwirtschaftlech Betriber matgemaach.

2. **Den Appel d'offres gesäit och vir datt en Zesummeschloss vu klénge Produzent·innen eng Offer maache kann. Wéi vill däer Offeren si bei de verschiddenen Ausschreiwungen, pro Joer opgedeelt, säit 2023 erakomm?**

Zanter déi Méiglechkeet besteet huet nach keen Zesummeschloss vu Produzenten eng gemeinsam Offer gemaach.

3. **Wat fir Mesüren hëlt d'Regierung fir esou Zesummeschlëss aktiv ze promouvéieren an administrativ z'ënnerstëtzen?**

Dës Méiglechkeet soll de Produzenten erlaben zesummen eng Offer fir ee Lous eranzereechen fir de Fall wou ee Produzent aleng d'Quantitéiten net géing zesumme kréien, oder déi gefrote Produkter net all selwer produzéiert. Administrativ ginn et hei fir den eenzele Produzent keng méi héich Hürden, wéi wann en aleng eng Offer wéilt maachen. Hei ass keng speziell Rechtsform gefrot.
Oft ass d'Verständnis vun de Virgaben aus dem Cahier des charges, an der virgeschriwwener administrativer Prozedur fir eng elektronesch Offer iwwert de Portail des Marchés publics (https://pmp.b2g.etat.lu) anzereechen déi gréisser Hürd.
Hei kënnen sech interesséiert Produzente beim Service de l'horticulture vun der ASTA déi néideg Erklärungen iwwert d'Ufuerderungen an de Fonctionnement vum Programm gi loossen. Fir Hëllef beim elektroneschen Areeche vun enger Offer um Portail des marchés publics ze kréien, kënnen si sech och direkt do un den Helpdesk wenden.

4. **Bei de Krittäre fir d'Attributioun vum Marché ass de Präis de wichtegste Krittär. Als Grond dofir ginn EU-Reegelen genannt déi verlaangen datt bei der Zoudeelung de Präis zu 50% muss relevant sinn. Huet d'Regierung wëlles, bei deene Lousen, wou de Präis méi wéi d'Hallschent vun der Ponderatioun ausmécht z'iwwerschaffen, an d'Ponderatioun vum Undeel vu Bio-Produiten z'erhéijen?**

Déi Lousen an deenen de Präis méi wéi 50% ausmécht, sinn déi 2 Lousen déi sech u Liewensmëttelgrossisten riichten, déi een Deel vum Uebst a Geméis selwer akafen, an all d'Liwwerungen an d'Grondschoulen oder an d'Lycéeën iwwerhuelen. Sécherlech kéint een do den Undeel vum Bio nach eropsetzen. Aus Erfarung stinn do awer nëmmen Bioprodukter aus dem Ausland an den Offeren. D'prioritäert Ziel vun der Regierung ass et déi regional Produktioun ze förderen.

5. **Kéint d'Regierung sech virstellen nieft dem Krittär vun der Quantitéit vu Bio-Uebst a Geméis, e Krittär anzeféieren den och d'Varietéit vum Bio-Uebst a Geméis consideréiert?**

Et ass ugeduecht fir an den nächsten Ausschreiwungen, de Produzente méi Fräiheeten ze loossen, wat d'Varietéite vun Uebst ugeet.

6. **Kéint d'Madame Ministesch d'Entwécklung vum Undeel vu Bioproduiten, ventiléiert pro Schouljoer an Zort vun Uebst oder Geméis, iwwert déi lescht 10 Joer am Schoulmëllech- a Schouluebstprogramm oplëschten?**

Tabell mat dem Undeel vun Uebst a Geméis aus der biologescher Produktioun an aus Lëtzebuerg vun den Schouljoren 2017/2018 bis zum 2026/2027

Schouljoer	Bio frairtrade Bananne	Bio Äppel	Bio Muerten (LU)	Äppel a Bieren (LU)	Total Bio	Total (LU)
2017/2018	30,9%	6,4%	0,0%	0,0%	**37,3%**	**0,0%**
2018/2019	28,4%	6,2%	0,0%	9,6%	**34,7%**	**9,6%**
2019/2020	22,1%	11,1%	4,2%	20,6%	**37,3%**	**24,8%**
2020/2021	6,9%	11,3%	5,3%	20,2%	**23,6%**	**25,5%**
2021/2022	23,9%	6,9%	4,6%	20,6%	**35,5%**	**25,2%**
2022/2023	18,0%	7,5%	4,6%	26,7%	**30,1%**	**31,3%**
2023/2024	23,1%	8,5%	4,5%	29,9%	**36,0%**	**34,4%**
2024/2025	22,3%	8,1%	4,4%	32,2%	**34,8%**	**36,5%**
2025/2026	24,7%	6,2%	3,9%	30,2%	**34,8%**	**34,1%**
2026/2027 (prov)	21,7%	6,9%	4,4%	33,3%	**33,0%**	**37,7%**

7. **Kéint d'Madame Ministesch eis eng Oplëschtung vun all den ëffentlechen Ausschreiwunge vun der Regierung ginn, duerch déi d'Ernärung- an Agrarpolitik zu Lëtzebuerg kéinte beaflosst ginn?**

Et gi vill ëffentlech Beräicher, direkt beim Staat, bei Etablissements publics oder ënnert der Zoustännegkeet vun de Gemengen, an deenen ëffentlech Opträg vergi ginn, déi een Impakt op d'Ernärung oder op d'Landwirtschaft kënnen hunn. Dat betrëfft virun allem d'Kollektivverpfleegung an de Schoulen, de Spideeler, de Maison-relaisen, den Alters- a Fleegestrukturen.
De Landwirtschaftsministère mécht kee systematesche Suivi vun den Ausschreiwungen an huet deemno och keng exhaustiv Lescht vun esou Ausschreiwungen. Et sief och bemierkt, dass ofhängeg vun der Gréisst vum Marché, net all ëffentlechen Optrag muss iwwer de Portail des marchés publics veröffentlecht ginn.

De Landwirtschaftsministère schafft awer drun, wéi een an Zukunft an all dëse Beräicher méi gezielt op regional, bio-regional a saisonal Produktioune kann zréckgräifen, an dat am Aklang mat den nationalen an europäesche Reegelen am Beräich vun den ëffentleche Marchéen. Et sief bemierkt, dass aktuell eng nei Propose vun der EU Kommissioun um Dësch läit, déi eis do an der Zukunft kéint hëllefräich sinn.

Lëtzebuerg, den 27. Oktober 2026

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN